



D'Lou gesäit d'Aarmut
iwwerall. D'Lou wëll eng
Gesellschaft ouni Verléierer.
Fir dass jidderee gewënnt,
ass d'Lou solidaresch a
setzt sech fir eng méi
gerecht Welt an.

D'Lou huet alles verstanen.
An Du?





D'Lou weess dass d'Welt räich
genuch ass fir jiddereen z'ernären.
D'Lou hannerfreet wat hat wierklech
brauch, wat hat zu onserem schéine
Planéit bäidrëit a wëll méi respon-
sabel consomméieren.

D'Lou huet alles verstanen. An Du?





D'Lou genéisst säi Liewen.
D'Lou geet eraus, danzt,
feiert. D'Lou wëll a Form sinn
a vum Liewe profitéieren.
D'Lou ernäert sech bewusst
an evitéiert industriell
Produiten.

D'Lou huet alles verstanen.
An Du?






D'Lou plangt seng Zukunft.
D'Lou léiert, diskutéiert, denkt no,
ass geselleg, experimentéiert.
Seng Prinzipien: Mänscherechter,
Gläichberechtung, Diversitéit,
Fridden...

D'Lou huet alles verstanen. An Du?






D'Lou stellt sech Froen. Vill Froen. Virwat behandelt een d'Lou anescht? D'Lou ass e Mënsch a gi mir net all mat gläich vill Wüerd a Rechter gebuer?

D'Lou ass d'Lou, net méi a net manner.






De Krunn vum Lou rënnt. Och wann hat keng Bastlerin ass, reparéiert hat en. Schluss mat Verschwendung. Et ass wichteg eis natierlech a vergänglich Ressourcen ze erhaalen.

D'Lou huet alles verstanen. An Du?





D'Lou huet Gro net gär.
Groen Himmel, gro Hoer,
groen Damp, gro Energie...
Gro ass traureg. Fir d'Welt
erëm méi roseg ze gesinn,
huet d'Lou sech fir eng
gréng Energie entscheet.

D'Lou huet alles verstanen.
An Du?






D'Lou schafft gäre fir
kënnen ze liewen. D'Lou
wëll awer net fir en
Hongersloun schaffen an
och net ausgenotzt ginn.
D'Lou kämpft fir eng fair
Schaffplaz.

D'Lou huet alles verstanen.
An Du?





D'Lou wëll net just nach Wuesstem.
Mënschlechkeet an Ëmwelt hunn
deier misse fir dëse Wuesstem
bezuelen. D'Lou ass eng innovativ
Actrice an entscheet sech fir
d'Zefriddenheet.

D'Lou huet alles verstanen. An Du?





D'Lou ass wien dass 1% vun der Bevelkerung 82% vum globale Reichtum besetzen. D'Lou dreemt vun enger gerechter Welt. D'Lou hannerfreet seng Art ze Liewen a konzentréiert sech op seng reell Besoinen.

D'Lou huet alles verstanen. An Du?





D'Lou lieft an der Stad. D'Lou hëlt den Tram, geet gärten an de Park a schafft gär an den öffentleche Gäert. D'Lou ass eng responsabel Biergerin dat sech fir eng nohalteg a schéi Stad asetzt.

D'Lou huet alles verstanen. An Du?





De Lou  sst g r Fleeſch mee hien
ass geſchockt vun der industrieller
D ierenhaltung. De Lou w ll l iwer
net esou vill Fleeſch iessen, mee
wann da lokal a vun engem
ekologesche Betrib.

De Lou huet alles verstanen. An Du?





De Lou hält näischt vu
Klima-Skeptiker, mee och
näischt vun ignorante Leit.
Hien mecht eppes géint de
Klimawandel. Hien hëlt de
Vëlo a verréngert esou säin
ekologesche Foussofdruck.

De Lou huet alles verstanen.
An Du?

13 MESURES RELATIVES
À LA LUTTE CONTRE
LES CHANGEMENTS
CLIMATIQUES



D'Lou huet de 7. Kontinent
entdeckt: Plastik am Mier
souwäit ee kucke kann.
Mee wou sinn all d'Fësch?
D'Lou decidéiert manner
Plastik ze benotzen.

D'Lou huet alles verstanen.
An Du?



14 VIE
AQUATIQUE






D'Lou huet d'Natur an
d'Biodiversitéit gären. D'Lou
kämpft dofir dass d'Beie
weider gesond sinn an de
Bësch weider leeft...D'Lou
keeft lokal Bio-Produiten
ouni Palmenueleg.

D'Lou huet alles verstanen.
An Du?





D'Lou dreemt vu Fridden a
méi Gerechtegkeet iwwerall
op der Welt. Fir dass ee
seng Stëmm héiert, sengt
d'Lou, demonstréiert,
kommunizéiert ouni Gewalt
a wielt nohalteg Produiten.

D'Lou huet alles verstanen.
An Du?





De Lou ass e Weltbierger. De Lou kéint d'Welt eleng verännere mee hie weess och, dass een zesumme méi staark ass. Fir d'Zieler vun der Agenda 2030 z'erreechen, setzt de Lou op de Kollektiv.

De Lou huet alles verstanen. An Du?

